N° 7470
Entrée le 08.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

Äntwert vum Delegéierte Minister fir Digitaliséierung a vum Delegéierte Minister fir d'Verwaltungsreform op d'parlamentaresch Fro n° 7470 vum 13. Januar 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen.

De Guichet.lu Accueil bitt, grad esou wéi d'Gemengen, de Bierger d'Méiglechkeet hier lëtzebuergesch Carte d'identité unzefroen a sichen ze kommen. Doriwwer eraus hunn och lëtzebuergesch Net-Residenten d'Méiglechkeet dës Demarche beim Guichet.lu Accueil ze maachen.

Fir d'Ausstelle vun der Carte d'identité gëtt eng Taxe verlaangt, déi ee ka per Virement bezuelen. De Virement muss am Viraus gemaach ginn, éier een d'Carte d'identité am Guichet.lu Accueil ufreet.

Et ass och méiglech d'Taxe mat der Bankkaart oder mam Smartphone ze bezuelen, entweder am Viraus online iwwert MyGuichet.lu oder sur place, de Moment wou d'Carte d'identité ugefrot gëtt. Leit déi Boergeld virzéihen hunn doderniewent d'Méiglechkeet am Viraus e Versement bei hierer Bank ze maachen.

Am Fall wou een d'Taxe am Viraus bezilt, muss een eng preuve de paiement mat an de Guichet.lu Accueil bréngen fir d'Carte d'identité unzefroen.

Lëtzebuerg, den 08/02/2023.

Den Delegéierte Minister fir Digitaliséierung

(s.) Marc Hansen